# Grouss Feier

40 Joer Dammenturnveräin Wëntger



**Wëntger.** Am Mäerz 1983 war d'Geburtsstonn vum Dammenturnveräin Wëntger. 40 Joer duerno huet de Veräin vun der Geleeënheet profitéiert, op e grousst Fest ze invitéieren. All aktiv a fréier Membere souwéi d'Grënnungsmemberen a Vertrieder vun der Gemeng waren invitéiert. Et ass ouni Zweiwel de Merite vun den Trainer:innen, dat jiddereen iwwer 40 Joer laang Freed um Turnen huet. D'Coursë sinn ëmmer flott an ofwiesslungsräich. Vill Neies gëtt ausprobéiert a jidderee kann seng Gesondheet duerch Beweegung fërderen an erhalen. Gutt Frëndschaften, déi entstane sinn an deene 40 Joer, sinn d'Basis fir eng gutt Zesummenaarbecht.

Bei engem wonnerbaren Iessen konnt ee schéinen Dag matenee verbruecht ginn. Fotoalbume sinn duerch d'Reie gaangen an eng Power-Point-Animatioun huet déi vill Aktivitéite vun deene leschte 40 Joer Revue passéiere gelooss. Vill Spaass gouf et och mat enger Foto-Box. Als Undenken un déi schéin Zäit krut jiddereen e klenge Kaddo mat heem. Den Dammenturnveräin freet sech op eng aktiv a sportlech Zukunft.

*Romain Scholtes via mywort*

# Generéisen Don

Party.lu spent un Île aux Clowns

**Lëtzebuerg.** Viru Kuerzem huet Party.lu vun hirem Gewënn vun de Partyen am Melusina en Don vu 7 200 Euro un Île aux Clowns iwwerreecht. E grousse Merci fir dëse generéisen Don, mat dem weiderhin d'Aarbecht bei Kleng a Grouss gemaach ka ginn.

*Sylvie Philipp via mywort*




# Di zwee läscht Joer iwwerstanen

Generalversammlung vun der Clausen an Neiduerf-Weimeschhaffer Musek



**Lëtzebuerg.** Den André Heinen, President vun der Clausener Musek, huet d'Membere vun der Clausener an der Neiduerf-Weimeschhaffer Musek begréisst a Merci gesot fir hir Präsens bei enger aussergewéinlecher Generalversammlung vun 2021 an 2022. Uschléissend huet hien zu enger Gedenkminutt fir déi verstuerwe Memberen opgeruff. Mat Mercie goung et weider un d'Musikanten an den Chef, fir hiren Asaz wärend deene vergaangenen zwee Joer. E Merci goung och un d'Theaterekipp, déi leider, no etleche Prouwen, den Theater huet misse wéinst der Pandemie ofsoen. D'Joelle Flammang huet den Aktivitéitsbericht virgedroen, deen duerch déi gewosste Situatioun kleng ausgefall ass. An der Zukunft gesäit et besser aus, sou dass déi gewinnte Concerten op Mammendag a Belschen Nationalfeierdag op der Plëss fest am Programm stinn. An der Keess war duerch déi bekannte Situatioun net vill Ännerungen ze mellen, esou dass en equilibréierte Bilan konnt presentéiert ginn, deen duerch de Keesserevisor Claude Hornick bestätegt gouf. D'Assemblée huet den Aktivitéits- an de Keessebericht per Acclamatioun ugeholl an d'Keessereviseuren, Guy Grosber a Claude Hornick, fir e weidert Joer bestätegt. Duerno war et un der Neiwiel vum Comité, wou de President informéiert huet, dass de Paul Herber seng Kandidatur net méi géing stellen. E grousse Merci goung un de Paul fir säin Asaz an all deene Joren am Comité. All déi aner vun deenen zwee Comitéen hunn hier Kandidatur oprecht erhalen a goufe vun der Assemblée bestätegt.

De Marc Angel, President vun der Neiduerf-Weimeschhaffer Musek, huet am Numm vun deenen zwou Museken der Assemblée Merci gesot, fir hiert Vertrauen an dem Comité fir d'Zukunft. Och Mercie vun him goungen un all déi, déi mat Asaz an der Musek wéi och zum Wuel vun der Musek bäidroen. Als Ofschloss goufen häerzlech Gratulatiounen un den Änder Heinen fir seng Ernennung zum neien UGDA-President a Gratulatiounen un de Marc Angel als neie Vize-President vum Europäesche Parlament iwwerreecht. Weider goung et mam Chef Ansis Nikolovskis, dee Mercien un d'Musikante fir hiren Asaz an dëser schwiereger Zäit iwwerbruecht huet. Hien géing sech awer och an Zukunft iwwer méi Concerte mat och méi Musikanten, zum Beispill aus der Museksschoul, freeën.

D'Medaile ware kuerz virun der Generalversammlung um Wanterconcert iwwerreecht ginn. USMVL: Insigne: Guy Grosber, Matthes Heller; Bronze: Viviane Heinen, Peggy Haag; Argent: Marc Angel; Vermeil: Joelle Flammang; Vermeil Palmettes: Jean De Cillia; Insigne en Or: Claude Hornick. UGDA: Bronze: Matthes Heller, Lio Theisen; Vermeil Grand-Duc Adolphe: Alice Sauber.

*Claude Hornick via mywort*

## Nestwärme

# Tiere suchen ein Zuhause



### Mendocino – 1 Jahr

Mendocino ist ein freundlicher, aber anstrengender Hund. Er ist noch sehr verspielt und turbulent, seine neuen Leute sollten schon genügend Zeit für ihn haben, um ihm das Hunde-ABC beizubringen. Mendocino ist im Prinzip verträglich mit anderen sozialen Hunden. Déierenasyl Gaasperech: T: 48 13 13 1; info@deierenasyl.lu; www.deierenasyl.lu.



### Nenzi – 8 Jahre

Nenzi ist eine richtig nette und freundliche kleine Hündin. Sie liebt es, bei ihren Menschen zu sein, ist unproblematisch und sucht eine neue Familie, die sie aufnehmen und sich viel um sie kümmern möchte. Nenzi verträgt sich prinzipiell mit anderen Hunden, sie ist nur nicht gerne zu lange von ihrer Familie getrennt. Déierenasyl Gaasperech: T: 48 13 13 1; info@deierenasyl.lu; www.deierenasyl.lu.



### Aetna – 3 Jahre

Aetna ist immer lieb und gut gelaunt und ist eine aktive Hündin, die gerne spazieren geht. Sie möchte schnellstens wieder Familienanschluss finden und wünscht sich, so wie alle Hunde, Menschen, die gut für sie sorgen. Aetna kennt Familienleben und hat mit anderen Hunden zusammengelebt, wird aber lieber als Einzelprinzessin verwöhnt. Ihr einziges Problem ist, dass sie im Haus nicht immer sauber ist. Déierenasyl Gaasperech: T: 48 13 13 1; info@deierenasyl.lu; www.deierenasyl.lu.